ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

QP N°2265

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Mee 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An der Chamber huet d'Madamm Minister Cahen den 20. Mee 2020 d'Theorie vertrueden, datt et gutt wär, datt Schoul nees géing opgoen, well - esou hir Begrënnung – dës Regierung kee „patriarchalesche Staat" wéilt. An dem Sënn wéilt d'Regierung, datt d'Frae sollen onofhängeg sinn, och finanziell onofhängeg, an also nees sollte schaffe goen.

Ausserdeem stelle sech eng ganz Rei vu praktesche Froen am Kader vun de Modalitéiten, déi dës Nees-Rentrée an de Schoulen, besonnesch an de Grondschoulen, mat sollen erméiglechen. Dowéinst wéilt ech dem Här Educatiounsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wat sinn déi genee Ursaachen, déi d'Regierung dozou bruecht hunn, fir d'Grondschoulen elo nees ufänken ze loossen? Gehéiert dozou och de Wonsch vun der Regierung, zu Lëtzebuerg e „patriarchalesche Staat" ze verhënneren an d'Fraen ze incitéieren, fir nees schaffen ze goen, fir finanziell onofhängeg ze sinn?
2. De Projet de loi N°7579 wéi och aner geplangte Rechtsinstrumenter sinn zum aktuellen Zäitpunkt nach net a Kraaft. Sinn déi aktuell gesetzlech a reglementaresch Dispositiounen an all Fall duergaangen, fir dat néidegt Personal ze engagéieren? Ass d'Regierung zu iergendengem Zäitpunkt oder an iergendengem Fall iwwert déi bestoend Gesetzer oder Reglementatiounen erausgaangen?
3. Wéi vill vun deene Leit, déi zu dësem Zäitpunkt (Referenzdatum 1. Mee 2020) als Intervenant an der Grondschoul engagéiert sinn, beherrsche just eng vun onsen dräi administrative Sproochen? Wéi vill vun deene Persoune kënnen, vun deenen dräi Sproochen, just nëmmen Däitsch, respektiv Franséisch? Wéi ginn déi Leit agesat?
4. Wéi vill vun deene Leit, déi elo am Kader vun der Nees-Rentrée de 25. Mee zousätzlech rekrutéiert goufen, beherrsche just eng vun onsen dräi administrative Sproochen? Wéi vill vun deene Persoune kënnen, vun deenen dräi Sproochen, just nëmmen Däitsch, respektiv

Franséisch? Wéi ginn déi Leit agesat? Ass et esou ze verstoen, datt Leit, déi just nëmmen eng vun den dräi administrative Sprooche vum Land beherrschen, och eventuell agesat ginn, fir eng Grupp ze betreien, an där Kanner sinn, déi d'Sprooch vum „Intervenant" net verstinn?

5. Wéi vill Leit goufen am Ganze fir d'Nees-Rentrée rekrutéiert?

6. Wéi vill Kategorië vun „Intervenanten" gëtt et an der Grondschoul a wat sinn hir respektiv Aufgaben? Sinn si all an direktem Kontakt mat de Kanner a wéi vill vun deene schwätzen déi dräi administrativ Sprooche vum Land?

7. Wéi huet déi kuerz Formatioun, déi d'Leit, déi am Kader vun der Nees-Rentrée vum 25. Mee rekrutéiert goufen, ausgesinn? Wéi eng Inhalter goufen deene Leit vermëttelt, a wéi enger Form huet si stattfonnt an op wéi enger Sprooch wor déi Formatioun?

8. Wéi gouf d'Moralitéit vun all deenen Honnerte vu Leit iwwerpréift, déi elo fir de 25. Mee séier rekrutéiert gi sinn? Ass zum Beispill ausgeschloss, datt Leit mat enger Verurteelung wéinst Pedophilie kéinten dobäi sinn?

9. Den Här Minister huet an der Vergaangenheet schonn ëffentlech den – a sengen Aen – lacunairë Wëssensstand vu ville Studente beklot, zum Beispill an der franséischer Grammatik. Huet den Här Minister trotzdeem elo keng Bedenke fir Studenten als Léierpersonal mat anzesetzen? Ass de Minister der Meenung, datt déi nei rekrutéiert Leit d'Kapazitéit hunn, fir de Kanner op schoulecher Basis hëllefen ze kënnen?

10. Wéi enge weideren Tester oder Examen hunn déi Leit, dacks Studenten, sech missen ënnerzéien, fir hir Kompetenz fir den Unterrecht oder fir d'Betreiung vu Kanner – deene si z.B. an der B-Woch och musse bei schouleschen Aktivitéiten oder Aufgaben hëllefen – ënner Beweis ze stellen?

11. Wéi vill vun deenen nei rekrutéierte Leit haten nach ni mat Kanner an deem Alter ze dinn, déi si elo solle betreien? Ass den Här Minister der Meenung, datt e gravéierende Mangel u praktescher Erfarung mat Kanner net zu grousse Problemer ka féieren?

12. Gesäit den Här Minister e Risiko fir d'Wuelbefanne vun de Kanner, vläicht esouguer fir hir geeschteg Gesondheet, wa si elo an eng Situatioun kommen, an där si:

- altersofhängeg mussen eng Mask undoen;
- sech net kënne fräi beweegen;
- net bei hire gewinnte Frënn sinn;
- dacks net bei hirem gewinnte Léierpersonal sinn;
- Léierpersonal hunn, dat hir Sprooch eventuell net schwätzt;
- Léierpersonal hunn, dat zum Deel keng Erfarung mat Kanner huet?

13. Vun engem reng pedagogesche Standpunkt aus gesinn, a wéi engem Sënn ass – dem Här Minister no – Unterrecht bzw. Hëllef an der B-Woch vun a mat Leit, déi ënner esou besonneschen Ëmstänn rekrutéiert goufen an zum Deel limitéiert Qualifikatioune matbréngen, engem *Homeschooling* ënnert der Uleedung vun engem qualifizéierten Enseignant virzezéien?

14. Wéi kréien déi nei „Intervenanten" hir Klassen, respektiv Kanner presentéiert? Wéi gi si op déi eventuell besonnesch Situatiounen oder Problemer virbereet, déi dat eent oder anert Kand kann hunn? Droe si déi voll Verantwortung, och wa sech Problemer erginn, déi

doduerch entstinn, datt si net am Viraus doriwwer informéiert oder dorop preparéiert goufen?

15. Weess den Här Minister, datt heiansdo Kanner aus där selwechter Famill, déi jo zesumme wunnen, elo an ënnerschiddleche Gruppen (A a B) solle betreit ginn? Ass dee Krittär, dee jo vum medezinesche Standpunkt aus vu grousser Bedeitung ass, bei der Opdeelung vun de Kanner consideréiert ginn?

16. Firwat huet den Här Minister an dëser Krisesituatioun net prioritär op dat brevetéiert Léierpersonal zréckgegraff, dat am Unterrechtsministère an a verschiddenen Administratiounen a Servicer mat aneren Aufgabe beschäftegt ass? Hätt een net op déi Manéier schonn eng ganz Rei vun deene Problemer kënnen evitéieren, déi sech elo stellen oder stelle kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Äntwert vum Educatiounsminister Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro Nr. 2265 vum Här Deputéierte Fernand KARTHEISER**

Ad 1) D'Decisioun fir d'Opmaache vun de Grondschoulen an d'Ëmsetzung vum Enseignement en alternance gouf no enger Analys vun der Entwécklung vun de COVID-19-Infektiounen am Kader vun der drëtter Phas vum Deconfinement decidéiert. D'Objektiver vun der Exit-Strategie[1] an déi sech och d'Reprise vun de Coursen aschreift si follgend :

- *besonnesch déi vulnerabel Persoune schützen;*
- *schrëttweis aus dem Confinement erauskommen an dat duerch Etappen, déi wäit genuch déi eng vun där aner ausernee leien;*
- *zu all Moment déi néideg Kapazitéiten an de Klinicken assuréieren, fir déi normal an déi intensiv Fleeg, fir esou d'Behandlung vu schwéiere Fäll an de Gesondheetsstrukturen ze assuréieren;*
- *weiderhin d'Bevëlkerung hirer Responsabilitéit bewosst maachen an d'Gefor vun enger onkontrolléierter Verbreedung esou kleng wéi méiglech halen, andeems op all Plaz, wou Leit beienee kommen, d'Verhalensreegele fir sech net unzestiechen ("Gestes barrière") bäibehale ginn oder nach verstäerkt ginn;*
- *preventiv Moossnamen op der Aarbechtsplaz ëmsetzen;*
- *d'Isolatioun an déi genee Iwwerwaachung vun neien Infektiounsfäll assuréieren;*
- *d'Kapazitéite vun den Tester ausbauen a besonnesch d'Fuerschung ënnerstëtzen, virun allem wat déi serologesch Tester ugeet, déi d'Immunitéit an der Populatioun miessen.*

D'Schoulpersonal huet sech wärend dem Enseignement à distance virbildlech engagéiert, fir de Schüler iwwer ganz kreativ Aart a Weise méiglechst differenzéiert Aktivitéiten unzebidden an esou den Developpement vun de Kompetenzen optimal ze fërderen. Allerdéngs ass et vun engem pedagogesche Standpunkt aus méi sënnvoll, Aktivitéiten am direkte Kontakt mat de Schüler ëmzesetzen, vu dass hei direkt interagéiert gëtt an den Enseignant prompt op d'Besoine vun den eenzelne Schüler agoe kann. Des Weidere loossen sech verschidde Kompetenzen nëmme schwéier iwwert den Enseignement à distance weiderentwéckelen. Dorënner falen zum Beispill d'Sozialkompetenzen, déi an der Schoul an engem gereegelten Ëmfeld weiderentwéckelt ginn. Et war der Regierung wichteg, dass d'Schüler d'Méiglechkeet kréien, fir d'Schouljoer trotz enge sëlleche Restriktiounen an engem gewinntenen Ëmfeld ofzeschléissen. Deemno ass d'Deécisioun, fir d'Schoulen nees opzemaachen am Wuel vum Kand, dat een optimalen Enseignement soll kënne genéissen, geholl ginn.

Ad 2) Dem Projet de loi N°7579 geet de groussherzogleche Reglement "Règlement grand-ducal du 11 mai 2020 portant dérogation à la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental" viraus, deen am Kader vum Artikel 32.4. vun der Verfassung geholl gouf an déi néideg legal Basis bitt, fir dat zousätzlecht Personal ze engagéieren, dat am Kader vun der Ëmsetzung vum Enseignement en alternance néideg ass. Nom Etat de crise trieden d'Ännerungen a Kraaft, déi am Projet de loi N°7579 virgesi sinn an de 17. Juni 2020

[1] https://gouvernement.lu/lb/actualites/toutes_actualites/communiques/2020/04-avril/20-strategie-sortie.html

gestëmmt goufen. Deemno gouf sech konsequent un déi bestoend Gesetzer a Reglementatioune gehalen.

Ad 3) D'Personal, dat an den ëffentleche Lëtzebuerger Grondschoulen an den 102 Gemengen intervenéiert, muss déi dräi administrativ Sprooche vum Land, esou wéi se am Gesetzestext "Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues" definéiert sinn, beherrschen, an dëst gëtt och am Kader vun der Astellungsprozedur gepréift. Dobäi sinn déi Kandidaten, déi ee Lëtzebuergesche Secondairesdiplom hunn, vun den Epreuven dispenséiert, vu dass hinnen duerch den Diplom deen néidege Sproocheniveau attestéiert gëtt.

Ad 4) Dat zousätzlecht Personal, dat am Kader vun der Organisatioun vum Enseignement en alternance rekrutéiert gouf, muss d'Konditiounen, déi am Artikel 1 vum "Règlement grand-ducal modifié du 28 mai 2009 fixant les conditions et modalités pour l'obtention de l'attestation habilitant à faire des remplacements dans l'enseignement fondamental" virgesi sinn, erfëllen. Deemno mussen och dës Kandidaten déi dräi administrativ Sprooche beherrschen a ginn ënnert deenen nämmlechte Sproochekonditioune wéi virum Confinement agestallt.

Ad 5) Fir d'Ëmsetzung vum Enseignement en alternance ze assuréieren, gouf een Total vun 1012 Agente rekrutéiert.

Ad 6) Den Artikel 68 vum Gesetzestext "Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental" lëscht follgend méiglech Agenten op, déi an de ëffentleche Lëtzebuerger Grondschoulen kënnen intervenéieren:

1. des directeurs et des directeurs adjoints de région ;
2. des instituteurs;
3. des professeurs d'enseignement logopédique;
4. des pédagogues;
5. des psychologues;
6. des pédagogues curatifs;
7. des orthophonistes;
8. des rééducateurs en psychomotricité et des psycho-rééducateurs;
9. des ergothérapeutes;
10. des assistants sociaux;
11. des infirmiers;
12. des infirmiers en pédiatrie, anciennement puériculteurs;
13. des éducateurs gradués;
14. des éducateurs;
15. des bibliothécaires-documentalistes;
16. des membres de la réserve de suppléants;
17. des maîtresses de jardin d'enfants;
18. des membres de la réserve de suppléants des éducateurs gradués et éducateurs;
19. des enseignants de cours en langue maternelle pour enfants de langue étrangère;
20. des médiateurs interculturels;
21. des instructeurs de natation;
22. des membres de la réserve des auxiliaires éducatifs;
23. des remplaçants
24. des I-EBS

Déi eenzel Intervenanten an der Grondschoul erfëlle ganz ënnerschiddlech Missiounen, déi an de legalen Dispositiounen iwwert d'Grondschoul festgehale sinn. Eenzeg de Médiateur

interculturel gëtt nëmmen an enger vun den dräi administrative Sprooche getest, wärend all déi aner Agenten een adequaten Niveau an den dräi administrative Sproochen vum Land, esou wéi se am Gesetzestext "Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues" festgehale sinn, musse virweise kënnen.

Ad 7+14) Vun den 1012 Agenten, déi rekrutéiert goufen, sinn der 181 Studenten aus dem Studium "Bachelor en Sciences de l'Éducation", dovunner 136 Studente mat enger Attestation de remplacement, an dës hunn a verschiddene Stagë schonn eng sëllechen Erfarungen an de Lëtzebuerger Grondschoule gesammelt. Des Weideren intervenéieren dës oft an enger Schoul, an där si och schonn ee Stage gemaach hunn, fir esou de Kontakt mat de lokale Partner ze vereinfachen. Do dernieft goufen 284 Kandidate mat enger Attestation de remplacement rekrutéiert an och dës kënnen op Erfarung am Schoulhalen zeréckgräifen.

Dat am Kader vun der Reprise vun de Coursen nei agestalltent Personal gouf an enger éischter Reunioun vun den Direktere respektiv de Schoulpresidenten iwwert seng Missiounen an de Schoulen opgekläert. Hei gouf am Allgemengen op d'Haaptparameteren vum Enseignement en Alternance agaangen a sämtlech Agente kruten an dëser éischter Phase déi nämmlecht Informatiounen zougedroen. Duerno sinn d'Direktiounen op déi individuell Kapazitéite vun den eenzelnen Agenten agaangen an dës krute jee no Situatioun méi spezifesch Informatiounen. Och gouf bei der Aufgabeverdeelung d'Erfarung am Domaine vum Enseignement mat consideréiert.

An enger zweeter Phase goufen d'Agente vum lokalen Niveau vun de Schoulpresidenten enger pedagogescher Equipe zougewisen an hei gouf du konkret d'Aufgabenopdeelung beschwat. Deemno sinn déi Leit mat enger Attestation de remplacement respektiv d'Studenten, déi amgaang sinn, ee "Bachelor en Sciences de l'Éducation" ofzeschléissen, zum Deel bei Bedarf am Léiergrupp agesat ginn, wärend déi Studente mat manner Erfarung ausschliisslech am Übungsgrupp agesat goufen, wou si dank dem Suivi vun der Equipe pédagogique a virun allem dem Titulaire de classe eng adequat Prise en charge konnten ubidden.

Säit dem 25. Mee 2020 huelen d'Agenten, déi entretemps zu engem feste Bestanddeel vun de pedagogeschen Equippe gi sinn, un de Concertatiounen deel an am Kader vun dëse Concertatiounen bereeden si hir Interventiounen zesumme mat den Enseignanten an dem sozioedukative Personal vir. Wärend de Concertatiounen hunn d'Agenten d'Méiglechkeet, sech mam Schoulpersonal iwwert déi schoulesch Aktivitéiten auszetauschen an op den Enseignanten hir wäertvoll Erfarung zréckzegräifen, fir eng gelongen Ëmsetzung vun der Prise en charge vun de Kanner ze assuréieren.

Ad 8) Meng Servicer hunn am Kader vum Rekrutement vun den interesséierte Kandidaten den Accord gefrot, fir d'Casieren N°3 a N°5 elektronesch bei der zoustänneger Instanz unzefroen an esou goufen dës Casiere virun der Signature vum Kontrakt iwwerpréift.

Ad 9+10) D'Studente ginn als Ënnerstëtzung an de Grondschoulen agesat an d'Direktioune plangen a setzen zesumme mat de pedagogeschen Equippen dës Interventiounen ëm. An der Reegel hëlt de Student ënnert der Uleedung vum Enseignant ee Grupp en charge. Bei Bedarf kann de Student deemno zu jidder Zäit Récksprooch mam Titulaire de classe huelen, deen natierlech och an d'Preparatioun vun den Interventiounen vun de Studenten agebonne ass. Ech sinn der Iwwerzeegung, dass dës Zesummenaarbecht fir all Bedeelegt eng reell Plus-value ass an dass se notamment mam geziiltenen Developpement vun de Schüler hire Kompetenzen dozou bäidréit, eventuell Schwächten opzefänken.

Des Weideren ass dorop hinzeweisen, dass ausschliisslech Kandidate mat engem Secondairesdiplom als Mindestqualifikatioun agestallt goufen. Am Kader vum Rekrutement vun den temporairë Remplaçanten ass deemno d'Mindestqualifikatioun vun der Zäit virum Confinement bäibehale ginn an hei weisen d'Erfarungswäerter aus der Vergaangenheet, dass dës Kandidaten duerchaus gëeegent sinn, fir d'Prise en charge vun de Kanner am schoulesche Kader ze assuréieren.

Ad 11) Am Kader vum Rekrutement vum Personal ass besonnesche Wäert drop geluecht ginn, fir prioritär déi Kandidaten zeréckzebehalen, déi schonn Erfahrung am Ëmgang mat Kanner konnte virweisen. Aus deem Grond si prioritär d'Studente rekrutéiert ginn, déi aktuell e Studium suivéieren, dat hinnen no erfollegräichem Ofschloss den Accès an d'Carrière vum Schoulmeeschter erméiglecht, esou wei och temporaire Remplaçanten, déi de Stage de remplacement absolvéiert an zum groussen Deel och schonn an de Lëtzebuerger Grondschoule Remplacementer assuréiert hunn. Des Weideren hunn d'Kandidaten an engem Online-Formulaire hir Erfarungswäerter am Kader vum Encadrement vu Kanner am Alter zwësche 4 an 12 Joer uginn an och dës Informatioune goufen wärend dem Rekrutement berücksichtegt. Esou ass séchergestallt ginn, dass 80 % vun de rekrutéierten Agenten op Erfarungen am Encadrement vu Kanner am Grondschoulalter kënnen zeréckgräifen.

Déi Agenten ouni Erfarung goufen prioritär als Renforcement agesat an hunn dee Moment zesumme mat engem Titulaire de classe den Encadrement vun de Kanner assuréiert.

Ad 12) Sämtlech Membere vun der Schoulcommunautéit hu virun der Reprise vun de Coursen enorm Efforten ënnerholl, fir dass den Enseignement en alternance ënnert deene beschtméiglech Konditioune kann oflafen. Dobäi louch de Fokus nieft dem Anhale vun den temporairë sanitäre Recommandatiounen am Kontext vum COVID-19 op dem Ariichten vun Léier- an Übungssituatiounen, déi den Développement vun de Schüler hire Kompetenzen e Maximum favoriséieren. Ofhalen vun Aktivitéiten a klenge Gruppen, d'Prise en charge vun de Schüler duerch zousätzlecht Personal an Definitioun vun den essentiellen Contenuen, déi prioritär behandelt ginn, sinn just e puer Mesuren, déi dozou solle bäidroen, dass d'Schüler eventuell entstanen Lacunen kënnen ausbesseren.

Am Kader vun der Organisatioun vum Enseignement en alternance ass dorop opgepasst ginn, dass d'Schüler an engem fixe Gruppe encadréiert ginn an ausschliisslech innerhalb vun de fixe Gruppen kënne, wa gewënscht, Gestes barrieren ofgebaut ginn an deemno ass d'Droe vun der Mask am Klassesall fakultativ. D'Fluxe vun de Kanner am Schoulgebai ginn esou organiséiert, dass d'Schüler sech esou man wéi méiglech kräizen an ausserhalb vum Klassesall ass d'Droen vun der Mask staark recommandéiert. Wärend der Preparatioun vun der Emsëtzung vum Enseignement en alternance goufen déi ënnerschiddlech Besoinen vun de Kanner aus den eenzelne Klassen berücksichtegt an vill kreativ Iddien, dorënner ënnerschiddlech Duerstellungsmethoden (Piktogrammer, Videoen, Sketcher…) vun de Secherheetsconsignë, hunn d'Verständnes vun de Kanner gefuerdert. Meng Servicer hunn spezifesch fir de Cycle 1 an d'Cyclen 2-4 Affichen, Videoen a pädagogesch Recommandatiounen ausgeschafft, déi am Virfeld vun der Reprise vun de Couren un d'Memberen vun der Schoulcommunautéit verschéckt goufen an um Internetsite vun mengem Ministère fir de Grand public fräi zougänglech sinn. Derbäi kënnt, dass d'Droen vu enger Mask entretemps schonn zur Normalitéit gehéiert an d'Mask dierft dee Moment an der Enceinte vum Schoulgebai d'Kanner net weider stéieren. D'Gruppe goufen aus de Klassegruppen zesummegesat, déi virum Confinement scho bestoungen, an esou hunn d'Schüler sech ënnert enee scho kannt. Eng sëlleche Schüler hunn hir méi enk Kolleegen an

hirem Grupp erëmbegéint a fir se alleguer war et sécher eng Geleeënheet, fir een Deel vun hire Klassekameroden besser kënnen ze léieren.

D'Direktiounen hunn déi nei rekrutéiert Agenten hire Kapazitéiten entspriechend agesat an hei natierlech och Uecht drop ginn, dass déi Studenten a Remplaçanten, déi schonn am Kader vun engem Stage an/oder Remplacementer an eenzelne Schoulen intervenéiert sinn, prioritär an dëse Schoule agesat ginn.

Ad 13) Wéi scho virdru beschriwwe sinn déi Agenten ouni Erfarung am Kader vum Encadrement vu Kanner am Grondschoulalter prioritär als Renforcement agesat ginn an hunn dee Moment zesumme mat engem Enseignant d'Prise en charge vun de Kanner assuréiert. Dank dëser enker Kollaboratioun gouf e qualitativ héichwäertegen Encadrement vun de Schüler séchergestallt an et konnt méi geziilt op d'Besoinn vun den eenzelne Kanner agaange ginn.

Ad 15) Bei der Zesummestellung vun den A- a B-Gruppe gouf sech op déi virum Confinement bestoend Klassegruppe baséiert. Vu dass d'Kanner aus enger Famill an der Reegel net deen nämmlechten Alter hunn an deementspriechend net an déi nämmlecht Klass ginn, läit et op der Hand, dass si dee Moment net am nämmlechte Grupp kënne betreit ginn. Des Weidere si sämtlech Gruppen aus den A- a B-Woche wärend de Léier- an Übungsaktivitéiten esou wéi och wärend der Paus raimlech getrennt an et gëtt dorop opgepasst, dass d'Kanner guer net oder esou wéineg wéi méiglech a Kontakt kommen. Dank der konsequenter raimlecher Trennung am Spezifeschen an dem Anhalen vun deenen aneren temporairë sanitäre Recommandatiounen am Kontext vum COVID-19 gëtt der Verbreedung vum Virus entgéintgewierkt.

Ad 16) Ech verweisen op d'Äntwert op den zweeten Deel vun der parlamentarescher Fro Nr. 2064 vum 20. Abrëll 2020, an där am Detail op d'Situatioun vum dechargéierte Personal agaange gëtt.